



Koplescht, den 17. Mee 2018

PRESSEMATDEELUNG

UNDENKEN UN DE CAMILLE GIRA

De Camille Gira war ee bis zu Läscht engagéierte Politiker dee fir seng Iddie riicht stoung an dës duerch an duerch konsequent verdeedegt huet. Ob an der Gemeng, an der Chamber oder zanter 2013 an der Regierung, de Camille Gira hat de Courage och däreg Dossieren unzepaken an duerchzezéien.

Leider gouf hien de 16. Mee vill ze fréi vun eis gerappt, nodeems hien e Malaise gemaach huet beim Verdeedege vun engem immens wichtege Dossier aus sengem Ressort.

D'Piraten drécke senger Fra a sengen zwee Kanner, der ganzer Famill, senger grénger Parteifrënn an all senger Frënn a Bekannten, hiert opriichtegt Bäileed aus.